



N°558
Entrée le 02.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2024
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/04/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, dass an der Gemeng Käl-Téiteng d'Sitzunge vu verschiddene konsultative Kommissiounen op Nofro vun der lokaler ADR-Sektioun ganz op Franséich ofgehalen solle ginn an d'Majoritéit vun de Kommissiounsmemberen dorobber insistéiert, dass all déi uwiesend Memberen sech nëmmen an der franséicher Sprooch dierften ausdrécken.

Et ass a Kommissiounen um Gemengenniveau normalerweis esou, dass d'Sitzungen op Lëtzebuergesch gehale ginn, mee kee Gesetz verbitt oder schreift vir, dass nëmmen eng vun den dräi Amtssproochen dierf genotzt ginn. D'Artikele 14 a 15 vum Gemeengegesetz leeë fest:

"Art. 14. La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue."

"Art. 15. Le conseil communal peut constituer des commissions consultatives dont la composition, le fonctionnement et les attributions sont fixés par règlement d'ordre intérieur. [...]"

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Dierf eng konsultativ Kommissioun sech reng op Franséich verstännegen?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



GOERGEN Marc
Deputéierten





**Äntwert vum Här Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 558 vum 2. Abrëll 2024 vum
Här Deputéierte Marc GOERGEN**

Wat de Gebrauch vun der Sprooch an de Sitzunge vum Gemengerot ugeet, gesäit den Alinéa 2 vum Artikel 14 vum ofgeännerte Gemengesetz vum 13. Dezember 1988 folgend Dispositioun vir:

„La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue. »

Wéi bei de Sitzunge vum Gemengerot ginn och d'Sitzunge vun de konsultative Kommissiounen op Lëtzebuergesch gehalen.

Eng oder méi Persounen, déi Schwierigkeeten hunn, sech op Lëtzebuergesch ze verstännege, kënnen op de Gebrauch vun enger vun de Sproochen zeréckgräifen, esou wéi se am Artikel 3 vum uewe genannte Gesetz vum 24. Februar 1984 festgehale sinn.

Op eventuelle Wonsch vun enger oder méi Persounen kann sech eng konsultativ Kommissioun och reng an enger vun de Sprooche verstännege, esou wei se am Gesetz vum 24. Februar 1984 virgesinn sinn. Dëst kann awer keng Obligatioun sinn, a sëtzt viraus, datt déi aner Memberen domadder d'Accord sinn.

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden